de Solde public, de Pourcentage vum PIB, dee mer a Recherche-Développement investéieren, eis Produktivitéitsrechnungen, et cetera.

Dat heescht ganz kloer: Et bleift natierlech als éischt Prioritéit bei deem normale PIB. Mä de PIB du bien-être, dee wäert deemnächst kommen. Voilà, Merci villmools.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

11. Changement de composition d'une commission parlementaire

Ier mer zu der Proposition de loi iwwert d'Organisatioun vum Referendum iwwerginn, wollt ech der Chamber nach eng kuerz Matdeelung maachen. Op Demande vun der Fraktioun vun deene Grengen ass ugefrot ginn, fir den Här Claude Adam all Kéier fir de Punkt vum Projet de loi 6675 duerch d'Madame Viviane Loschetter ersetzen ze loossen, ob d'Chamber domat d'accord ass?

(Assentiment)

Merci. Dann ersetzt bei deem dote Punkt an Zukunft d'Madame Loschetter den Här Claude Adam. Villmools Merci.

Mir géifen dann iwwergoen zu der Proposition de loi iwwert d'Organisatioun vum Referendum vum 7. Juni. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur a Coauteur, den Här Alex Bodry.

12. 6738 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum national sur différentes questions en relation avec l'élaboration d'une nouvelle Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), coauteur-rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesvirschlag, deen ech de 4. November d'lescht Joer zesumme mat der Kolleegin Viviane Loschetter a mam Kolleeg Eugène Berger an der Chamber abruecht hunn, geet et drëm, fir dëse 7. Juni en nationale Referendum iwwer verschidde Froen, déi eis Verfassung betreffen, ze organiséieren.

D'Iddi, op dës wäitreechend an exzeptionell Form vu Biergerbedeelegung zréckzegräifen, geet eigentlech op Enn 2012 zréck, wou se fir d'Éischt an d'ëffentlech Debatt bruecht ginn ass.

Dës Iddi, an engem fréie Stadium, also ier den definitiven Text vum Verfassungsentworf arrêtéiert ass, d'Wieler zu eenzelne Verfassungsaspekter ëm hir Meenung ze froen, ass fir Lëtzebuerg Neiland. An trotzdeem huet dëse Virschlag vu Biergerbedeelegung bei der Ausschaffung vun eiser neier Constitutioun säi Wee relativ schnell gemaach. Iwwer eenzel Wahlprogrammer ass en an de Koalitiounsaccord vun 2013 agefloss.

A well et sech ausschliisslech ëm Verfassungsfroen handelt, déi per Referendum dem Wieler wäerte virgeluecht ginn, ass et och net un der Regierung, mä um Parlament, als Pouvoir constituant, fir an dësem Beräich d'Initiativ ze huelen. Dat hu mer gemaach. An doduerch diskutéiere mer haut net iwwer e Gesetzesprojet vun der Regierung, mir diskutéieren iwwer eng Proposition de loi, déi vun Deputéierten hei an der Chamber abruecht ginn ass.

Dëse Gesetzesvirschlag Bodry-Berger-Loschetter ass an der zoustänneger Chamberskommissioun net nëmmen debattéiert ginn, mä och am Virfeld, ier den Dépôt stattfonnt huet, virbereet ginn. D'Majoritéitsparteien hu véier Froevirschléi agereecht. An déi aner Fraktiounen a Parteien, déi an der Chamber vertratt sinn, sinn offiziell a schréftlech opgefuerdert ginn, eege Verfassungsfroevirschléi fir dëse Referendum anzereechen.

D'CSV an d'ADR hunn aus prinzipiellen Ursaachen dat ofgelehnt. An déi Lénk hunn eege Propositiounen erabruecht, déi awer bei deenen anere Fraktiounen a Sensibilitéiten an der Kommissioun keng Ënnerstëtzung fonnt hunn.

Zréckbehalen - dat war de Géigestand vun dem initialen Text vun der Proposition de loi - sinn also véier Froe gewiescht. An zwar:

Éischtens, d'Erofsetzung vum allgemenge Wahlalter beim aktive Wahlrecht vun 18 op 16 Joer, an dat op enger fakultativer Basis;

zweetens, d'Opmaache vum aktive Wahlrecht bei Chamberswahle fir Netlëtzebuerger, an dat ënnert der duebeler Bedéngung, dass d'Leit zéng Joer hei zu Lëtzebuerg gewunnt hunn an och virdru bei Wahlen hei am Land matgemaach hunn;

drëttens, d'Aféierung vun enger Begrenzung vun der Mandatsdauer vu Regierungsmemberen op maximal zéng Joer an engem Stéck, an, véiertens, d'Ofschafe vun der Verfassungsobligatioun fir de Stat, sämtlech Gehälter a Pensioune vun de Kultusdénger ze droen.

Dës Froe sinn opgrond vun dräi Kritäre festgehale ginn: éischtens d'Verfassungsrelevanz. Et war vun Ufank u kloer, dass dëse Referendum am direkten Zesummenhang steet mat der Ausaarbechtung vun enger neier Verfassung fir Lëtzebuerg, a sämtlech Froen hunn also misse Verfassungscharakter hunn.

Zweete Kritär war de kontroverse Charakter vun der Fro. Et ass effektiv relativ beméilech, fir eng Consultatioun vu sämtleche Bierger ze maachen, wann hei am Parlament, am Pouvoir constituant, eng Eestëmmegkeet oder eng Quasieestëmmegkeet besteet, fir op engem Punkt déi bestehend Verfassung ëmzeänneren.

Duerfir hu mer bewosst eigentlech de Choix getraff op Froen, déi kontrovers waren, wou eigentlech am Kader vun der Ausaarbechtung vun enger neier Verfassung weder eng qualifizéiert Majoritéit bestanen huet, fir den aktuellen Text bäizebehalen, nach eng qualifizéiert Majoritéit bestanen huet, fir eng Ännerung vum bestehenden Text ze maachen. Dat war den zweete Kritär vun der Auswahl vun deenen dote Froen.

An den drëtte Kritär war dee vun der Onmëssverständlechkeet vun der Äntwert. Et hu misse Froe sinn, déi, wa se per Referendum mat Jo oder Neen eng Äntwert kréien, och domadder tranchéiert sinn, an net Froe sinn, déi eigentlech, wa mer d'Äntwert hunn, herno nach zousätzlech Froen opwerfen an eigentlech de Problem net hëllefe léisen.

Dat waren déi dräi Grondkritären, déi eis derzou bruecht hunn, fir grad déi dote Froen zréckzebehalen, an och aner Froen, déi an der Diskussioun waren, net zréckzebehalen, well déi zumindest engem vun deenen doten dräi Selektiounskritären net entsprach hunn.

Dorauser ergëtt sech natierlech och d'Noutwendegkeet, déi Iddien, iwwert déi per Referendum soll ofgestëmmt ginn, verständlechst a méiglechst prezis ze formuléieren. Dem Wieler muss kloer sinn, iwwer wat hien ofstëmmt, an d'Chamber muss herno mat der Antwert d'Verfassungsfro geléist kréien.

Duerfir ass och am Kader vun eisen Aarbechten an der Kommissioun d'Optioun festgehale ginn, d'Froe relativ kuerz an einfach probéieren ze formuléieren an net mat ze villen Detailer a Schachtelsätz ze belaaschten. Et gëtt iwwer Iddien ofgestëmmt, an net iwwer juristesch bis op dee leschte Punkt a Komma ausgefeilte Verfassungsbestëmmungen. Dat kënne mer am Detail eréischt maachen, wa mer dee gesamte Verfassungstext hunn an och wëssen, wou mer déi eenzel Punkten an dee Verfassungstext, deen neie Verfassungstext erabréngen.

Allerdéngs hu mer eigentlech vun den Aarbechten an eiser Kommissioun och profitéiert, iwwert dee schréftleche Rapport an haut iwwer mäi mëndleche Rapport, fir eenzel Interpretatiounshëllefen ze ginn iwwer e puer Detailpunkten, déi mer och d'Geleeënheet haten, ënner eis ze diskutéieren, fir dass mer eng méiglechst eenheetlech Ausleeung vun deenen dote Froe kréien, an op jidde Fall vereinfachen. Op den Detail kommen ech nach méi spéit zréck.

Ähnlech ewéi de Statsrot dat a sengem Avis gemaach huet, wëll ech elo awer am nächsten Deel vun dësem mëndleche Rapport op e puer méi grondsätzlech Aspekter agoen, déi am Zesummenhang mat deem Referendum ze kucke sinn a bei deenen een och mierkt, dass dobaussen och eenzelner vun deene Punkten haut diskutéiert ginn. Duerfir ass et also wichteg, e puer Froe kloerzestellen.

Fir d'Éischt emol nach eng Kéier, fir op d'Fro zréckzekommen: Firwat eigentlech dëse Referendum?

Dëse Referendum ass eng eemoleg Chance eigentlech, fir e Prozess vun der Verfassungsrevisioun, deen elo méi wéi zéng Joer an dësem Parlament leeft, an d'ëffentlech Diskussioun eranzekréien, fir Iddie kënnen auszetauschen, fir kënnen ze debattéieren an de Bierger konkret och un deene Verfassungsaarbechte mat ze bedeelegen. Dat ass eis bis elo net gelonge gewiescht. Mir hoffen, dass et mat dësem Referendum méiglech gëtt.

D'Biergerparticipatioun soll sech net op e Jo an en Neen zu engem fäerdege Verfassungstext beschränken, wann all Diskussiounen hei an der Chamber gelaf sinn, wou et dann net méi méiglech ass, och iergend nëmmen e Komma un deem Text ze änneren. Mä et geet hei drëm, dass mer d'Leit méiglechst fréi mat an déi allgemeng Debatt erakréien an domadder och profitéieren, dass eng Rei vu kontroverse Froen och duerch d'direkt Consultatioun vum Bierger eng éischt Äntwert kënne kréien.

Och an anere Länner - Island an Irland - si se bei hire Verfassungsrevisiounen en ähnleche Wee gaange vun enger Préconsultatioun eigentlech vun de Bierger, ier et zu engem definitiven neie Verfassungstext koum. Firwat soll esou ee Stéck vu méi direkter Demokratie a Verfassungsfroen net zu Lëtzebuerg méiglech sinn?

Zweet Fro: Wat ass déi juristesch Grondlag vun deem Referendum?

D'juristesch Grondlag vun dësem Referendum ass den Artikel 51 (7) vun eiser Verfassung, dee seet: «Les électeurs pourront être appelés à se prononcer par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi.» D'Gesetz, dat heescht d'Chamber, leet d'Froe fest, déi dem Wieler per Referendum virgeluecht ginn. D'Parlament ass fräi, déi Froe festzeleeën. Do gëtt et keng Aschränkungen.

D'Organisatioun vum Referendum gëtt iwwer en allgemenge Gesetzestext, d'Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer national Referendumen, geregelt, soudass mer bei dësem Spezialgesetz eigentlech just brauche praktesch d'Froe festzeleeën an den Datum vun der Consultatioun.

Dëse Referendum ass net ze verwiessele mat dem Referendum, deen am Artikel 114 vun eiser Verfassung virgeschriwwen ass. Do geet et ëm e spezifesche Referendum iwwer eng Ofstëmmung, déi schonn hei an der Chamber stattfonnt huet, wat d'Revisioun vun der Verfassung ugeet. An zwar gesäit den Artikel 114 ewell vir - virdrun huet d'Chamber ëmmer missen opgeléist ginn eigentlech, ier et konnt zu enger Verfassungsännerung kommen -, gesäit elo vir, dass am Prinzip zweemol hannereneen d'Chamber, als Constituante, iwwert den Text vun enger Verfassungsrevisioun ofstëmmt, an dass, nodeem eng éischte Kéier eng Zweedrëttelmajoritéit vun der Chamber sech hei derfir ausgeschwat huet, deen zweete Vote kann ersat ginn duerch eng Direktbefroung vun de Leit, déi dann dee gesamte Prozess ofschléisst.

Et ass also en décisive Referendum, deen an deem dote Kader virgesinn ass. Mä, wéi gesot, e setzt viraus, dass sech virdrun d'Chamber iwwerhaapt iwwer en Text mat qualifizéierter Majoritéit eens gesat huet, soss kann déi dote Form vum Referendum net spillen.

Esou e Referendum ass och virgesinn, dass en am Kader vun der neier Verfassung vu Lëtzebuerg soll stattfannen, wann eis Aarbechten zu deem dote Punkt ofgeschloss sinn a wa mer et fäerdegbréngen, op engem neie Verfassungstext hei an der Chamber eng qualifizéiert Majoritéit ze kréien.

Optimistescherweis kéint ee mengen, dass esou eppes scho kéint 2016 de Fall sinn. Ech mengen awer, wann een all déi Aarbechte kuckt, déi mer nach mussen um gesamte Verfassungstext maachen, mat den Navetten am Statsrot, déi musse stattfannen, och mat Modifikatiounen un eenzelne Gesetzestexter, déi parallell mussen duerchgezu ginn, dass et éischter wahrscheinlech ass, dass mer deen dote Referendum eréischt 2017 kënnen duerchféieren. Firwat net gläichzäiteg mat de Gemengerotswahlen am Oktober 2017? Et ass un der Chamber, fir am Endeffekt dat dote mat ze décidéieren.

Drëtt Fro ass: Wien däerf beim Referendum matmaachen a wéi bannend ass den Ausgang vum Referendum?

Déi dote Froe sinn net nei. Déi si bei all Referendum diskutéiert ginn, eng leschte Kéier, fir déi Leit, déi deemools schonn hei waren, 2005, wéi et ëm d'Organisatioun gaangen ass vum Referendum zum Europäesche Verfassungstraité. An d'Äntwerten, déi mer haut ginn, sinn eigentlech keng aner ewéi déi, déi mer virun zéng Joer hei an der Chamber op déiselwecht Froe ginn hunn.

All Referendumen, déi op der Basis vum Artikel 51 (7), fréieren Artikel 52, vun eiser Constitutioun ofgehale ginn, hunn e konsultative Charakter. Dat heescht, se sinn, streng juristesch geholl, net bannend. Dat war mat alle Referenden de Fall, déi bis elo hei zu Lëtzebuerg duerchgefouert gi sinn.

Dass dat esou ass, steet net an engem normativen Text dran. Et steet weder formal an eiser Verfassung dran nach steet et an dëser Proposition de loi dran. Mä dat ergëtt sech awer duerch eng Interpretatioun, déi d'Doctrine gemaach huet vun eiser Verfassung a besonnesch am Artikel 50, dee seet: «Les députés votent sans en référer à leurs commettants...» Do ass keng Ausnahm virgesinn. Aus deem Saz gëtt ofgeleet, dass eigentlech d'Referendumen, mat Ausnahm vun deem spezielle Referendum am Kader vum Artikel 114, hei zu Lëtzebuerg e konsultative Charakter hunn.

De Statsrot huet seng traditionell Positioun, och an där doter Fro, nach eng Kéier hei rappeléiert a sengem Avis. Juristesch net contraignant, huet natierlech den Ausgang vum Referendum e politeschen Impakt, deen een net kann an och net däerf ignoréieren.

Wat bréngt et effektiv, de Wieler ëm seng Meenung ze froen, wann dann den Ausgang vum Referendum net soll respektéiert ginn?

Et ass mir eigentlech, perséinlech, onvirstellbar a wär och, a mengen Aen, konträr zu allgemengen demokratesche Prinzipien.

Ech erlabe mer hei de Pierre Majerus - kee Revolutionär - ze zitéieren. De Pierre Majerus, deen a sengem Referenzwierk iwwert den État luxembourgeois an der Versioun vun 1948 Folgendes zu där doter Fro gesot huet - ech zitéieren: «Il est évident que le résultat du référendum pèsera chaque fois lourdement dans la balance politique et qu'il sera déterminant dans la plupart des cas, à moins que des circonstances de force majeure n'empêchent le législateur de s'y conformer.» Souwäit d'Meenung vum Jurist Pierre Majerus zu där doter Fro.

Et ass sech och, wann een d'Verfassungsgeschicht vu Lëtzebuerg kuckt, ausnahmslos eigentlech ëmmer un d'Resultat vum Referendum gehale ginn, och wann dat Resultat ganz knapp war. Beispill dozou ass de Referendum iwwert dat sougenannt „Maulkuerfgesetz" vun 1937, wou eng ganz knapp Majoritéit - 50,7% - Nee gesot huet zu deem dote Gesetz a wou awer d'Majoritéit deemools vun der Chamber dat do respektéiert huet, och wann et knapp war.

Et war just an engem Fall aneschters, dat war, wat d'Wirtschaftsunioun mat Frankräich ugeet, wou sech gutt 70% derfir ausgeschwat hunn am Referendum 1919, mä wou awer d'Fransousen eigentlech net wollten eng Wirtschaftsunioun mat Lëtzebuerg maachen. An do ass dann dem Kapp nogefollegt ginn an net dem Häerz no, a schlussendlech ass eng Wirtschaftsunioun mat der Belsch, sengerzäit, ofgeschloss ginn. Dat kann een, mengen ech, mam Cas de force majeure vum Här Majerus hei definéieren.

Wie kann elo mat ofstëmmen?

Do ass och d'Äntwert relativ kloer. D'Recht, fir un engem nationale Referendum deelzehuelen, ass fir de Moment un d'Wahlrecht bei den nationale Wahle gekoppelt. Dat ergëtt sech aus der Artikulatioun vun de Verfassungsbestëmmungen am Artikel 4 iwwert d'Deputéiertechamber, wou och déi Dispositiounen iwwert de Referendum drastinn.

Och hei huet de Statsrot seng bekannten Interpretatioun an Erënnerung geruff. 2005 hat e souguer op deem dote Punkt eng Opposition formelle zum deemolege Regierungsvirschlag, wat den Traité européen ugeet, ageschriwwen, an d'Chamber huet sech sengerzäit inclinéiert. An duerfir ass et och hei kloer, dass d'Wahlrecht bei dësem Referendum op déi Leit beschränkt ass, déi och d'Wahlrecht bei de Legislativwahlen hunn.

Beim nationale Referendum besteet d'Wahlflicht. Och dat ass eng Fro, déi een oft gestallt kritt dobaussen. Et besteet d'Wahlflicht, wéi dat bei politesche Wahlen hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. Et ass dat den Artikel 37 vum allgemenge Referendumsgesetz vun 2005, deen dat virschreift. Ech zitéieren: «Le vote est obligatoire conformément aux articles 89 et 90 de la loi électorale.»

D'Bréifwahl ass virgesinn, wéi dat bei anere Wahlen och hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. An dee leschten Délai, fir d'Bréifwahl unzefroen, dierft hei, wann et soll zum 7. Juni zu engem Referendum kommen, beim 8. Mee dëst Joer leien.

Wéi gëtt d'Resultat bestëmmt?

D'Froe vum Referendum stinn op engem Wahlziedel - op engem Wahlziedel - an déi mussen an deenen dräi offizielle Sproochen ausgedréckt ginn, an der Reiefolleg Franséisch, Lëtzebuergesch, Däitsch, all Kéiers mat zwou Casen, lénks Neen a riets Jo, nieft dem Non an dem Nein an dem Oui an dem Ja.

D'Resultater, déi Fro ass nach gëschter - dat hunn ech matkritt - an enger Sitzung tëschent Parteien opgeworf ginn, ginn determinéiert pro Fro. A bei der Determinatioun vun dem Resultat zielen eigentlech déi ongülteg an déi wäiss Ziedelen net. Et ginn eigentlech just kontabiliséiert a géintiwwergestallt déi Leit, déi pro Fro mat Jo a mat Nee geäntwert hunn. Doraus ergëtt sech dann d'Resultat vum Referendum. Dat ass keng Erfindung, mä dat ergëtt sech eigentlech aus den Dispositiounen, wéi se am allgemenge Referendumsgesetz vun 2005 festgehale sinn.

Loosse mer dann elo op déi eenzel Referendumsfroe selwer ze schwätze kommen.

Vun deene véier virgeschloene Froe bleiwen der schlussendlech nach dräi iwwreg. Déi ursprénglech véiert Fro iwwert de staatleche Finanzement vun de Gehälter a Pensioune vun de Kultusdénger fält ewech. Dat ass geschitt, nodeems d'Chamber hei mat grousser Majoritéit eng Resolutioun gestëmmt huet, wou se

dat dote freet, an och virdrun awer en Accord unanime eigentlech bestanen huet, wat nach virun e puer Méint net de Fall war, fir an eng nei Verfassung déi heiteg Bestëmmung vum Artikel 106 iwwert d'Bezuele vun de Gehälter an de Pensioune vun de Ministres des cultes net méi ze iwwerhuelen. Dat war genau de Géigestand vun der véierter Fro.

Doduerjer, dass mer eestëmmeg der Meenung sinn, dass mer esou eng Dispositioun an der neier Verfassung net méi wëlle virgesinn, fält natierlech déi dote Fro ewech. Well dann eigentlech de Kritär vun der Kontroversitéit vun der Fro, deen ech virdru genannt hunn, och net méi ginn ass, well mer souguer hei op esou enger Fro ewell Eestëmmegkeet hei an der Chamber hunn.

Et bleiwen dräi Froen nach, déi de 7. Juni dem Wieler gestallt ginn. Ech gi ganz kuerz op se an.

Déi éischt Fro ass: Sidd Dir mat der Iddi averstanen, dass d'Lëtzebuerger, déi tëschent 16 an 18 Joer al sinn, d'Recht kréien, sech fakultativ an d'Wielerlëschten anzeschreiwen, fir als Wieler bei de Wahle fir d'Chamber, d'Europaparlament an de Gemengerot wéi och de Referendume matzemaachen?

Lëtzebuerg huet déi eelste Wahlbevëlkerung an Europa. An ähnlech wéi dat haut an anere Länner wéi Éisträich an eenzelnen däitsche Bundeslänner de Fall ass, gëtt also hei d'Iddi opgeworf, fir fir dat aktiivt Wahlrecht bei alle politesche Wahlen de Mindestalter vun 18 op 16 Joer erofzesetzen. Fir déi jonk Leit besteet allerdéngs direkt keng Wahlflicht. Si musse sech aschreiwen an déi Wahllëschten. Wa se sech awer dann ageschriwwen hunn, da musse se och wiele goen.

Si kréien heimadder net dat passiivt Wahlrecht, also d'Recht, fir Kandidat ze sinn, zougestanen. Et handelt sech hei ausschliisslech ëm d'Recht, fir wielen ze goen.

Et schéngt eis selbstverständlech ze sinn, wann herno op déi zweet Fro iwwert d'Auslännerwahlrecht géif mat Jo geäntwert ginn, dass dann och logescherweis déi jonk Netlëtzebuerger ab 16 Joer an de Genoss misste kommen, fir kënnen hei bei Legislativwahle matzemaachen.

Zweet Fro: Sidd Dir mat der Iddi averstanen, dass d'auslännesch Matbierger d'Recht kréien, sech fakultativ an d'Wielerlëschten anzeschreiwen, fir als Wieler bei Chamberswahle matzemaachen, an dat ënnert der besonnescher duebeler Bedéngung, dass se op d'mannst während zéng Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn a virdru scho bei Gemengen- oder Europawahlen zu Lëtzebuerg matgemaach hunn?

Hei ass also d'Iddi déi, fir, ënner verschiddene Viraussetzungen, den Netlëtzebuerger dat aktiivt Wahlrecht bei Chamberswahlen ze ginn. Zurzäit, an dat wësse mer, si ronn 45% vun den Awunner vun dësem Land Auslänner. Wann deen Trend sech iergendwéi fortsetzt an deenen nächste Joren, wäerten an aacht bis zéng Joer d'Majoritéit vun deene Leit, déi hei wunnen, Netlëtzebuerger sinn. Do stellt sech also eng spezifesch Lëtzebuerger Fro, wat de Fonctionnement vun der Demokratie ugeet, wann eigentlech eng Wahlbevëlkerung just nach eng Minoritéit vun der effektiver Bevëlkerung vun dësem Land ausmécht.

Dës Ouverture vum Wahlrecht ass op dat aktiivt Wahlrecht beschränkt. Et muss een eng Residenzdauer vun zéng Joer opweisen. Allerdéngs kann déi och ënnerbrach gewiescht sinn. Dorobber ware mer eis an der Interpretatioun eens. An duerch d'Matmaache bei Gemengen- an Europawahle virdru weist ee jo och als Bierger vun engem Land, dass een Interessi huet un der Politik an um gemeinschaftleche Liewen.

Dëst Wahlrecht ass fakultativ, wéi dat och haut de Fall ass bei all Auslännerwahlrecht, wat mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Et muss ee sech also an eng Wielerlëscht aschreiwen. A wann ee sech bis an déi Wielerlëscht ageschriwwen huet, da besteet d'Wahlflicht fir deen Eenzelnen.

Drëtt a lescht Fro an deem heite Referendum: Sidd Der mat der Iddi averstanen, d'Zäit, während där eng Persoun ouni Ënnerbriechung Member vun der Regierung däerf sinn, op maximal zéng Joer ze begrenzen? Dëst ass an der politescher Debatt hei zu Lëtzebuerg eng relativ nei Iddi, fir eng personell Alternance an eng Erneierung vun der Exekutiv ze férderen.

Eise Wahlsystem, dee mer alleguerte kennen, gekoppelt un de System vun de Koalitiounsregierungen, huet zu enger, och am internationale Vergläich, onheemlecher Laangliewegkeet vum politesche Personal bis hin an der Regierung gefouert. Duerch d'Aféierung vun enger maximaler fortwährender Dauer vu Regierungsbedeelegung als Minister oder Statssekretär solle personell Verännerunge promouvéiert ginn an eng méiglech Beliewung vun der Demokratie erreecht ginn.

Dës nei Regel, déi, wéinst hirem Impakt op d'politesch Rechter an och op d'Ernennungskompetenz vum Statschef, muss an der Verfassung verankert ginn, gëllt nëmme fir d'Regierung. Si gëllt net fir d'Chambersmemberen. A si kann och, juristesch gesinn, net réckwierkend applizéiert ginn. Ech hunn awer Notiz dovunner geholl, dass dës Regierungsmembere schonn deklaréiert hunn, dass si bereet wären, fir sech selwer déi doten Dispositioun, wa se sollt iwwerholl ginn, dann ab dem éischten Dag vun hirer Mandatsperiod am Dezember 2013 réckwierkend ze applizéieren. Dat ass eng politesch Entscheedung, dat ass elo keng juristesch bannend Entscheedung.

Mir sinn der Meenung, dass déi Ënnerbriechung, déi ka kommen, wann een déi doten Zéngjoresregelung wëllt suspendéieren, muss mindestens d'Dauer vu fënnef Joer hunn, mindestens d'Dauer vun enger normaler Legislaturperiod hunn.

Als Kommissioun hale mer drop, an ech si frou, dass de Bureau vun der Chamber an och d'Conférence des Présidents dat net aneschters gesinn, dass am Virfeld vun dësem nationale Referendum, a grad och, well och d'Chamber als Constituante hei mat implizéiert ass, d'Chamber an där doter Fro eng besonnesch wichteg Roll vun Informatioun ze spillen huet.

Iwwer Chamber TV, iwwer Internetsite awer och iwwer regional ëffentlech Diskussiounsronne solle mer, mengen ech, den Enjeu vun dëser Verfassungsreform kloermaachen, solle mer awer besonnesch d'Bedeitung, de Pro a Kontra vun deenen eenzelne Referendumsfroe kloerstellen.

An och d'politesch Parteien - ech erënneren, déi sinn an der Verfassung verankert mam Optrag, fir zur Meenungsbildung, zur ëffentlecher Meenungsbildung bäizedroen - sinn hei als eenzel Parteie gefuerdert, wéi et och wënschenswäert ass, an dat geschitt jo och zum Deel scho fir de Moment, fir dass d'Zivilgesellschaft sech an deen dote Referendum mat implizéiert.

Ech hoffen hei, dass déi bevirstehend Diskussioune mat deem néidege Respekt virun der Meenung vun deem anere gefouert ginn. Et geet och drëm, fir ze weisen, dass an enger representativer Demokratie, wéi Lëtzebuerg eng ass a bleift, Elementer vun direkter Demokratie kee Friemkierper duerstellen, mä awer eng gewëss Beräicherung fir eist Zesummeliewen, eist Zesummeplange sollen duerstellen.

Et ass en Exercice vu méi Biergerbedeelegung, dee mer hei woen, a wou mer selwer mussen de Bewäis erbréngen, dass mer räif sinn; dass mer räif sinn, fir och kontrovers Theme sachlech a fair auszediskutéieren, an net eng Volleksbefroung zu engem Plebiszit géint oder fir eppes aneschters ze maachen.

Et geet ëm eis Verfassung, et geet ëm Sachfroen, déi hei ze diskutéieren an ze léise sinn, an ëm näischt aneschters. Et ass eng gemeinsam Verantwortung, déi mer ze droen hunn, dass mer an deem doten am Viraus definéierte Kader déi dote Campagne an deenen nächste Méint a Wochen uginn.

An ech mengen, dass an engem Land, wat awer eng gewëss demokratesch Erfahrung huet iwwer laang, laang Jorzéngten, et och muss méiglech sinn, iwwer kontrovers Theme fair a sachlech ze diskutéieren. Et wär, a mengen Aen, ëm eis Demokratie hei am Land schlecht bestallt, wann een esou Diskussiounen net méi iwwerhaapt dierft hei zu Lëtzebuerg féieren. Duerfir solle mer, mengen ech, déi Diskussioun net fäerten, mä mir sollte se mat der néideger Seriositéit, awer och mam néidegen Enthusiasmus eigentlech ugoen.

Den 29. September 1919: Referendum iwwert d'Statsform an iwwer d'Wirtschaftsunioun. De 6. Juni 1937: Referendum iwwert dat sougenannt „Maulkuerfgesetz". Den 10. Juli 2005: Referendum iwwert den Europäesche Verfassungstraité. A schlussendlech de 7. Juni 2015, wou et eréischt déi véierte Kéier ass, dass Lëtzebuerg sech uschéckt, iwwer en nationale Referendum politesch eng Fro ëffentlech ze diskutéieren.

Loosse mer alleguerten derzou bäidroen, aus deem dote Rendez-vous mam Wieler vläicht och e bëssen e Rendez-vous mat der Geschicht ze maachen. Dat wär, mengen ech, am Sënn vun eiser Demokratie, déi e bëssen zousätzleche Sauerstoff ka gebrauchen. A virun allem ass et awer och wichteg fir dee grousse Projet, dee mer elo zéng Joer hei gemeinsam droen, fir Lëtzebuerg endlech eng nei Verfassung ze ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. E Vote iwwer e Gesetz, wat e Referendum organiséiert, ass schonns eppes Aussergewéinleches. Aussergewéinlech zu Lëtzebuerg, mä och aussergewéinlech an Europa an an eisen Nopeschlänner, vläicht mat Exceptioun vun der Schwäiz. Wann een e wéineg duerch Europa kuckt, da gesäit een, datt national Referende relativ rar sinn. Dat ass net de Fall fir regional, dat ass net de Fall fir lokal Referenden.

Vun eisen Nopeschlänner ass Frankräich dat Land, wat am meeschten an deene leschte Jorzéngte Referendume gemaach huet. A wann ee kuckt, wat fir eng Referendume se gemaach hunn, da waren ëmmer Referendumen dann, wann an der franséischer Geschicht wichteg Momenter do waren a wann et drëm gaangen ass, Décisiounen, wegweisend Décisioune fir d'Land ze huelen.

1958 d'Aféierung vun der Cinquième République, 1961 d'Autodéterminatioun vun Algerien, 1962 Accords d'Évian. Och de Suffrage universel, wou de President gewielt gëtt, wat eng majeure Réforme vun der franséischer Constitutioun war. 1969 d'Regionalisatioun. 1972 den Élargissement vun der CEE. Duerno d'Autodéterminatioun vun Neikaledounien, den Traité vu Maastricht, d'Reduktioune vun de Presidentschaftsmandater, den Traité vun Europa. All Kéiers dann ass zu engem Referendum gegraff ginn, wann e wesentleche Punkt an der franséischer Geschicht op der Säit geschriwwe ginn ass, déi just opgeschloe war.

Mir hunn och gesinn, wann een d'Referendumen a Frankräich analyséiert, datt haaptsächlech, net haaptsächlech, mä ëmmer et ëm institutionell Froe gaang ass oder ëm Froe vun Transfert vu Souveränitéit gaang ass.

Wann een dann an eisen aneren Nopeschlänner kuckt: An der Belsch stelle mer fest, datt 1950 dee leschte Referendum gemaach ginn ass. Dee Moment, wou et ëm d'Zréckkéiere vun dem Kinnek Léopold III. gaang ass, ëm d'Froe vun der Monarchie sengerzäit. 2004 wollt oder sollt ee gemaach ginn, do ass dat an der Belsch net gaang, well gesot ginn ass, mä Dir hutt eng Démocratie représentative an de Referendum huet doranner keng Plaz!

An Däitschland si keng Referendume gemaach ginn an et sinn der just virgesinn, wann et ëm Froe vu Grenzenännerunge geet. A Spuenien ass just 1986 ee gemaach ginn, fir an der NATO ze bleiwen an 2005 fir de constitutionnellen Traité. An Holland, 2005, just fir de constitutionnellen Traité. A Portugal och 2005 fir de constitutionnellen Traité an 2007 iwwert d'Fro vun der Interruption volontaire de grossesse: Jo oder Neen dozou.

Zu Lëtzebuerg, den Här Bodry huet dat gesot, bis elo dräimol. Dräimol, och all Kéiers a wesentleche Froe vun eiser Geschicht. 1919 iwwert d'Fro, wou mer eis géifen uschléissen, Belsch oder Frankräich, respektiv ëm d'Fro vun der Fortféierung vun eisem Regime iwwerhaapt, wéi et soll weidergoen zu Lëtzebuerg mat all deenen Demandë vun deene Länner, déi ronderëm eis waren, fir eist Land ze annexéieren. Fir eis Independenz ze markéieren ass e Referendum gemaach ginn.

1937, an enger Zäit, déi mer alleguer kennen, de Premierminister huet virdrun de Rapport Artuso déposéiert, hei sinn d'Virleefer scho mat Froe vu Fräiheet, wou et ëm d'Maulkuerfgesetz gaang ass, wou driwwer ofgestëmmt ginn ass sengerzäit, wou dem Resultat och Rechnung gedroe ginn ass, inklusiv mat all senge Konsequenzen d'ailleurs! 2005 den Traité constitutionnel hei zu Lëtzebuerg.

Wesentlech Momenter vun der Lëtzebuerger Geschicht, wou Froe vum Regime, vun eise Fräiheeten, vum Abandon vun der Souveraineté nationale am Raum stoungen. An domat schreiwe mer eis am Fong, mat deene Referendumen hu mer eis an d'Traditioun vun den europäesche Referendumen a wesentleche Froen ageschriwwen.

Haut ass eng Diskussioun, déi ass virdru vu mengem Virriedner genannt ginn, iwwert déi partizipativ Demokratie. An iwwert déi ass och eng Diskussioun ze féieren. Just, datt mir als CSV soen, mir befannen eis awer momentan an engem Regime vu representativer Demokratie. A mir mengen, datt d'Politik an hirer Komplexitéit, esou wéi se haut ass, an och an Zukunft net wäert anescht ginn, net kann, net soll mat Äntwerten op ganz eenzel Froe sech léisen. Mä d'Froe mussen, an hirer Komplexitéit, an hiren Zesummenhäng, geléist ginn an am Kader, zu engem ganz groussen Deel fir eis, vun der representativer Demokratie.

Datt domat muss méi d'Implicatioun vun de Leit gesicht ginn, méi Participatioun an eiser Demokratie gesicht ginn, ass natierlech enorm wichteg. Och fir eis. A villes ass an deene leschte Jore gemaach ginn. D'Petitiounsrecht. De fräien Zougang zur Informatioun: ass nach amgaang, gemaach ze ginn. Biergerforumen, Zukunftsdëscher mat der Zivilgesellschaft, Initiatives populaires, Referendumen, inklusiv op lokalem Niveau an och op nationalem Niveau. Mä nach muss ee wëssen, ëm wat een esou Referendumen dréie léisst.

Et ass vun der Regierung versprach ginn, méi partizipativ Demokratie. An dann ass awer direkt am Regierungsprogramm dekretéiert ginn, wat fir eng véier Froen, dräi sinn et der nach haut, dann elo géifen an engem Referendum kommen. Dovun ass vun deenen dräi, déi gestallt gi sinn, sécherlech, an eisen Aen, eng, déi vun dem Auslännerwahlrecht, wat eng Fro ass, déi vun der Importenz, vun der Wichtegkeet hier sécherlech kann e referendare Charakter hunn. Dat ass an eisen Ae fir déi aner Froe wesentlech manner de Fall.

Ech stelle just fest, datt, mat deem Schrëtt, deen d'Majoritéit mécht, mer ewech vun enger Rei Prinzipien awer kommen! Éischte Prinzip, dat ass, datt mer a groussen historesche Momenter vun eiser Geschicht - do, wou et drëm geet, Weeër frësch opzeweisen, an dann de Referendum als Instrument benotzen -, datt mer vun deem Prinzip ewechkommen.

Zweete Prinzip, vun deem mer ewechkommen, dat ass, datt mer constitutionnel Ännerungen an engem grousse gesellschaftleche Konsens wëlle maachen, mat grousse gesellschaftlechen a parlamentaresche Majoritéiten. Déi hu mer an deene Froen net!

An et gëtt e Referendum gemaach, an deem gesot gëtt, mir wëlle méi partizipativ Demokratie, fir am Fong dee grousse Konsens an der Gesellschaft, an der Chamber op enger Rei Froen ze ëmgoen an iwwer e Referendum ze ëmschiffen. Wat fir eis e wesentleche Punkt ass an der Argumentatioun vun dësem Referendum.

D'Participatioun an déi Biergerbedeelegung, déi ganz oft ervirgestrach gëtt, kënnt eis ganz oft wéi e Virwand vir! Et steet am Exposé des motifs vum Text, an ech zitéieren: «Les auteurs de la proposition de loi entendent associer les citoyens à l'élaboration d'une nouvelle Constitution, dont le projet est en voie d'élaboration depuis maintenant dix ans.» An den Här Bodry huet et och nach eng Kéier, genau esou, justifiéiert.

Ech soen, dat ass awer nëmmen hallef wouer. Dat ass awer nëmmen e Prétexte. Well wann Der e wéineg weiderliest am Rapport an Dir liest, firwat déi Froen hei erausgewielt gi sinn, da steet dodran: «Il s'agit de questions institutionnelles sur lesquelles il n'existait pas de majorité large au Parlement pour le maintien du statu quo respectivement pour une modification des règles en vigueur.»

(Interruption)

Richteg. Dofir soen ech, dat éischt Argument, dat ass keen Argument, wat richteg ass. Dat zweet Argument ass dat, wat richteg ass. Et war keng grouss, large konsensuell Majoritéit weder an der Gesellschaft nach an der Bevëlkerung, fir déi Froen ze beäntwerten. Dir gitt iwwer e Referendum, fir am Fong d'Meenung vun der CSV, grousser Partei, d'Meenung vun der CSV, ouni déi Der déi constitutionnel Majoritéit hei net an der Chamber hutt, fir déi en fin de compte ze ëmschiffen.

De Claude Adam huet et ganz gutt an engem Artikel, an engem Interview resüméiert am „Journal" vum Februar 2015: „Es handelt sich um Fragen, bei denen wir uns im Rahmen der Verfassungsreformen nicht einigen konnten. Wäre es zu einer Einigung gekommen, ähnlich wie in der Debatte um die Priestergehälter, hätten sich auch diese Fragen erübrigt." Zitat. Ech weess net, ob d'Zitat richteg ass oder net, mä esou steet et emol do.

Et geet net drëm, d'Leit ze froen iwwer hir Meenung an iwwert déi Froen, déi d'Leit kéinten interesséieren. Et geet hei drëm, déi eng oder déi aner Partei an der referendarescher Diskussioun ze ëmgoen, mat engem Referendum! Wär een interesséiert gewiescht an där Referendumsdiskussioun un deem, wat d'Leit wierklech denken, an un deene Froen, déi se wierklech interesséieren, dann hätt ee jo och eng ganz Rei aner Froe kënne stelle wéi just déi, déi erausgewielt gi sinn, well eng vun de Parteien, oder méi wéi eng vun de Parteien net domadder d'accord waren.

Et hätt ee kënnen d'Fro stellen zum Beispill vun de Bezierker. Gëtt et véier Bezierker, gëtt et an Zukunft nëmmen ee Bezierk? Et hätt ee kënnen d'Fro stellen iwwert d'Zuel vun den Deputéierten, iwwert d'Aufgabe vun de Gemengen, iwwer eise Wahlsystem, iwwert d'Aufgabe vum Conseil d'État, iwwert d'Roll vun de Parteien, iwwert d'Recht vun den Elteren, fir hir Kanner fräi ze erzéien, fräi ze bestëmmen, wéi déi Erzéiung soll geschéien,...

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...iwwert de Fonctionnement vun der Justiz oder aner constitutionnel Froen.

A firwat am Fong just constitutionnel Froen? Och bei wichtegen Décisiounen, net constitutionneller, an 1937, wëll ech just soen, ass eng Fro gestallt ginn am Referendum, déi net constitutionneller Natur war. D'Maulkuerfgesetz, wéi een et nennt, war net e constitutionnelt Gesetz. D'Fro ass awer gestallt ginn.

Et hätt ee kënnen d'Fro stelle bei der Allocation d'éducation. Wann een interesséiert gewiescht wär, wat d'Leit soen, dann hätt een och kënnen déi Fro stellen.

(Interruption)

Firwat net? Ech wëll lech just éierlech soen, Dir sot, et sinn an der Schwäiz e puer...

Ech hunn net gesot, Dir sollt déi Froe stellen. Mir hu se d'ailleurs och net proposéiert!

Une voix.- Dir hätt Froe kënne proposéieren.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir hu se d'ailleurs och net proposéiert!

(Brouhaha)

An dat wollt ech genau soen, well ech jo wousst, dofir hunn ech...

(Brouhaha)

Dofir hunn ech dat do jo elo provozéiert, well ech jo wousst, datt Der géift mat där doter Äntwert kommen!

Mir hunn natierlech keng proposéiert, well mer der Meenung waren, datt mer dee Referendum, mat deene Froen, déi hei virgesi waren, net kéinten ënnerstëtzen, net kéinten domadder d'accord sinn an en net wéilten duerch zousätzlech Froen, déi mer als richteg géifen empfannen, legitiméieren. Dofir hu mer keng Froe proposéiert, well mer mam Prinzip mat dëse Froen net konnten, net wëllen d'accord sinn. An dat hu mer vun Ufank un an aller Kloerheet an an aller Däitlechkeet gesot!

Wann ech elo op déi individuell Froen aginn - ech wëll dat haut net am Detail maachen, mir hunn nach véier Méint, fir dat kënnen ze maachen, mä trotzdeem -, d'Formulatioune vun deene Froe si fir eis extrem vag an net prezis. Hei gi Froe gestallt iwwert d'Iddi: Sidd Dir d'accord mat der Iddi, datt soll eppes gemaach ginn? Dat ass awer nu wierklech alles anescht wéi eng prezis Fro, wou dann eng prezis Äntwert drop soll kommen!

De Conseil d'État gesäit et genau d'selwecht an e seet, ech zitéieren de Conseil d'État, à son avis: «La formule retenue peut toutefois mener à des ambivalences dans la mesure où l'on peut approuver l'idée elle-même, tout en répondant par la négative à la question posée pour des raisons liées aux circonstances concrètes de celle-ci et aux modalités de leur mise en œuvre.» Par conséquent il se demande, de Conseil d'État, «dès lors si les questions n'auraient pas avantage à être reformulées plus clairement en abandonnant notamment la référence à l'„idée" qui sous-tend les questions envisagées.» Eng kloer Meenung, déi hei vum Conseil d'État ausgedréckt ass. Dat ass awer net geschitt!

Wann een elo op déi eenzel Froen zréckkënnt, da muss ech och do soen, et sinn eng Rei Saachen, déi an dem Commentaire gesot ginn, déi awer net an der Fro gesot ginn. Ech huelen déi eenzel Froen duerch.

Bei där Fro iwwert d'Ministeschmandater vun zweemol fënnef Joer, den Här Bodry huet et ënnerstrach, et steet och am Commentaire, gëtt gesot: „Mir maachen eng Paus vu fënnef Joer an da kënnen erëm eng Kéier déi zéng Joer do lassgoen." Déi Paus vu fënnef Joer, déi steet awer net an der Fro. Déi steet am Kommentar. Mussen d'Leit dann elo Chamber TV oder de Kommentar, Chamber TV kucken oder de Kommentar liesen, fir ze wëssen, wéi déi Fro genau formuléiert ass? Mir fannen et onprezis an am Fong net passend fir esou e Referendum.

Déi zweet Fro, dat ass déi vun de 16 Joer. Do steet dran op eng explizit Aart a Weis, also op eng Aart a Weis, datt et sech hei nëmmen ëm d'Wieler handelt. De Kommentar dovunner ass awer net evident. «Elle tient à souligner», seet d'Kommissioun, «que dans le cadre de la campagne référendaire, les partis politiques pourront expliquer la portée juridique exacte de la première question.» Dat heescht, du muss, fir déi Fro genau ze verstoen, op d'Versammlunge vun de politesche Parteie goen, fir déi richteg Explikatiounen dofir ze kréien, soss kriss de net genau de Contenu vun där Fro mat! Dat fanne mer och net normal an esou enger preziser Saach wéi de Referendum awer soll sinn.

Beim Auslännerwahlrecht ass en ähnleche Problem dran, an deen ënnersträicht och de Conseil d'État. De Conseil d'État freet: «avoir résidé pendant au moins dix ans» am Land, ob dat géif heeschen, eng Résidence continue oder net eng Résidence continue. Am Rapport ass d'Explikatiounen: «La commission estime que le résident ne doit pas avoir résidé au Luxembourg de manière ininterrompue pendant les dix ans précédant l'inscription sur les listes électorales pour les élections législatives. La question est à trancher et à comprendre dans ce sens.»

Du muss also de Commentaire des articles liesen, fir kënnen déi genau Interpretatioun vun der Fro ze maachen. Or, wann s de an der Kabinn stees, hues de awer de Commentaire des articles net derbäi, fir ze liesen, wat et heescht! Och déi Fro fanne mer relativ large ausgedréckt an net passend fir déi Prezisioun, déi awer esou wichteg Froe missten hunn.

Ech wëll dann och e puer politesch Remarquen, ewech vun deenen techneschen, e puer politescher awer maachen iwwert déi eenzel Froen. Déi Fro vun de 16 Joer, Wahlrecht mat 16 Joer, gëtt justifiéiert mat Argumenter, datt haaptsächlech den Interessi vun deene jonke Leit un der Politik domadder géif suscitéiert ginn.

Ech fannen dat Argument jo e besonnescht. Wéi wann d'Wahlrecht, eenzeg an eleng d'Wahlrecht, wat een engem gëtt, géif garantéieren, datt elo den Interessi un der Politik suscitéiert ass! Déi Politikverdrossenheet, déi hei am Land ass, ass jo net just eng Politikverdrossenheet vu Leit ënner 18 Joer, net just vu Jugendlechen. Et ass eng Politikverdrossenheet vu ganz ville Leit, déi d'Wahlrecht hunn a wou d'Wahlrecht awer net iwwert d'Politikverdrossenheet ewechhëlleft.

Dofir, dës Problematik just wëllen ze léise mat dem Fait, datt een elo de Jugendlechen d'Wahlrecht gëtt, mengen ech, ass wierklech net déi richteg Äntwert. Déi Problematik verlaangt eng ganz aner Diskussioun, verlaangt eng ganz aner global Äntwert.

Froen iwwert d'Schoul stelle sech hei, Froen iwwert d'Attributioune vum Jugendparlament, iwwert d'Kollaboratiounen an de Gemengen. A wann ech déi moer Explikatioun vun deene sechs Sätz, déi am Commentaire des articles steet, liesen, da steet just ee klenge Saz doriwwer: «Il est évident que cette possibilité de participation politique accordée aux jeunes doit être accompagnée d'efforts supplémentaires dans le domaine de l'instruction civique, notamment à l'école.» Dat ass alles, wat doriwwer dosteet.

Ech soen lech, wann een op déi do Fro, wat awer eng wichteg Fro ass, just déi Äntwert gëtt, da verfeelt een awer de Sujet! Da verfeelt een awer de Sujet mat där Fro. Ouni globaalt Konzept, ouni seriö Explikatioun eng Fro einfach esou ze stellen, fanne mer net richteg, fanne mer net derwäert.

An da soen ech och nach, déi Äntwert, déi hei suggeréiert gëtt: firwat da 16 Joer? Firwat 16 Joer? Firwat net 17, esou wéi den Här Kollwelter an den Här Zanussi et sengerzäit virgeschloen hate fir legislativ Wahlen 1996? Oder firwat net 16 beim kommunale Wahlrecht, wéi si et och virgeschloen haten, mä dann aktiivt a passiivt Wahlrecht? Dat war eng Propositioun aus Äre Reien 1996. Firwat dat aktiivt an net dat passiivt? Firwat fräiwëlleg an net obligatoresch? Wéi sinn all déi Implikatiounen, déi sech domadder stellen op d'Zivilrecht, op d'Penalrecht?

Keng Äntwerten, keng Diskussioun, déi gefouert ginn ass, keng Justifikatiounen! Just ee Saz, just eng Propositioun, déi eis awer de Problem, dee sech richtegerweis stellt an deen och richteg erkannt ginn ass, déi awer de Problem, ob se esou oder anescht beäntwert gëtt, net wäert léisen.

Déi duebel Mandater vun de Ministeren, zweemol fënnef Joer maximum.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat misste mer onbedéngt maachen!

(Hilarité et brouhaha)

Da géife mer de Sozialisten e Gefale maachen. Da géife se e puer Stéck lassginn, déi se gäre lass wieren.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mä, Här Gibéryen, ech stelle mir just d'Fro: Wou kënnt déi Fro do hier?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ma vun de Sozialisten.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Zweemol fënnef...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Vun de Sozialisten! Et sinn e puer Leit, déi se da géife lassginn.

(Hilarité, brouhaha et coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wou ass se scho gestallt ginn? A firwat ass se wichteg? Déi Solutioun, déi hei proposéiert gëtt, ass a sech och néierens justifiéiert. Sot mir emol, zweemol fënnef Joer: firwat zweemol fënnef Joer? Firwat net eemol fënnef? Firwat net dräimol fënnef? Wou kënnt een un déi zweemol fënnef? Firwat eng Paus vu fënnef Joer? Firwat net eng Paus vun zéng Joer? Firwat net eng Paus vun engem Joer? Firwat iwwerhaapt nach duerno kënne weiderfueren? Wéi explizéiert Der dat? Wat fir eng Logik, wat fir ee Sënn - wann een d'accord wär mat dem Fait -, mä wat fir ee Sënn mécht déi hei Propositioun? Firwat just déi do Zuelen?

Da gëtt gesot, d'Argument, fir dat hei ze froen, dat ass: Mir brauche méi Erneierung. Ech kommen dorop zréck. An den Här Bausch, deen huet awer och en anert Argument - well en elo hei ass, muss ech dat awer soen -, en anert Argument, ech mengen, et war an enger RTL-Émissioun, gebraucht, wou hie seet: „No siwen, aacht Joer ass ee midd an ausgelaugt an där Fonctioun." Här Bausch...

(Brouhaha)

Jiddweree muss fir sech schwätzen.

Une voix.- Hien huet keng Ausdauer!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jiddweree muss do...

(Interruption)

Jiddweree muss do fir sech schwätzen. Aner Leit sinn net midd an ausgelaugt. Mä Verschiddener sinn dat schonn no zwee, dräi Joer, midd an ausgelaugt.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat hänkt dovunner of, wéi ee sech asetzt a sengem Ministère!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ganz genau!

Une voix.- Hien ass e Sprinter. Hien ass e Sprinter, Här Wiseler.

(Brouhaha général)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Also kuckt emol, wéi vill Ministeren an Ärer Regierung scho méi laang do waren!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Just den Här Wiseler...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- A jugéiert Är Wierder un deem, wat do gesot ginn ass!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Just den Här Wiseler huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Här Bausch ass nach guer net midd.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat anert Argument, dat ass dat vun der Erneierung, wat och den Här Bodry hei gebraucht huet: „Mir brauchen Erneierung am Personal." Mä ech soen lech awer och ganz éierlech, wann ee gären Erneierung hätt, a wann eng Partei gären Erneierung hätt bei hirem Personal, da sot mer: Firwat décidéiert d'Partei dat dann net selwer? Firwat brauche mer dann dofir e Gesetzestext, fir dat ze maachen?

(Interruptions)

Firwat, wann Der eng Rei Ministeren net méi wëllt an enger Regierung, décidéiert Der net, se erauszehuelen? Dat kënnt Der jo maachen!

(Brouhaha général)

Dat kënnt Der jo maachen. An et sinn der zwee, déi iwwer zéng Joer schonn hei sinn.

(Brouhaha général)

Dann huelt se...

(Coups de cloche de la présidence)

Dann huelt se einfach eraus!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! Wann ech gelift, bis elo hate mer e ganz gudden Niveau an der Diskussioun. Kommt, mer fueren esou virun!

(Coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mä ech wëll awer meng Fro beäntwert kréien.

Firwat imposéiert Der - an dat ass awer elo seriö -, firwat imposéiert Der de Leit iwwer Gesetz eng Solutioun, déi, wann Der se wëllt, jiddwer Partei fir sech kann décidéieren? Firwat? Firwat? Firwat huelt Der de Leit déi Fräiheet ewech, déi Leit ze wielen, déi se wëllen, an der Perspektiv, datt se an d'Regierung kommen, well se se gär an d'Regierung hätten? Firwat huelt Der déi Fräiheet ewech? Just well Dir sot...

(Interruptions)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...déi Iddi do...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Just well Dir sot: Mir hätte gär Erneierung.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...awer net vun de Leit.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Just well Dir sot: Mir hätte gär Erneierung.

Da stelle mer och nach d'Fro hannendrun, da sot mer emol: Firwat maacht Der dat do just bei de Ministeren? Firwat maacht Der et net bei den Deputéierten?

(Interruptions)

Firwat maacht Der et net bei de Buergermeeschteren a bei Schäffen?

(Interruptions)

Firwat?

(Interruptions)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...nach 100 Joer!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mä ech hätt awer emol gären eng Explikatioun. Mir wëllen, Här Bodry, weder dat eent nach dat anert!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ma da maacht Dir et!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- A mir wëlle weder dat eent nach dat anert!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Dat, wat mer lech proposéieren...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Engel, mir wëlle weder dat eent nach dat anert! Mir froen lech just, firwat Dir dat eent maacht an net dat anert a wat den Ënnerscheed ass tëschent deem engen an deem aneren. Firwat een am Exécutif national ka sinn a firwat een an engem Exécutif an der Gemeng ka méi laang sinn. Firwat? Wat ass d'Argument derfir?

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre*.- ...bei deem engen décidéiert...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass net... Sot mer et nach eng Kéier, ech hunn et net verstanen!

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre*.- Bei der Chamber décidéiert de Wieler, ob en lech nach hei wëllt sëtze gesinn oder net. Bei der Regierung décidéieren d'Parteien.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Majo, da kënnen d'Parteien dat jo duerchaus décidéieren. Firwat wëllt Der et dann an d'Gesetz aschreiwen?

(Interruptions)

Dat ass jo genau d'Fro.

(Interruptions)

Dat ass jo genau d'Fro: Firwat wëllt Der et dann an d'Gesetz aschreiwen, Här Schneider?

(Brouhaha)

Une voix.- ...dofir ass et an der Fro. An den Här Berger huet vläicht Angscht, erauszefléien.

(Brouhaha, hilarité et coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Firwat wëllt Der de Leit...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses)

Wann ech gelift, lauschtert dem Riedner no!

Une voix.- Si sinn nervös.

(Coups de cloche de la présidence.)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Firwat wëllt Der de Leit e Recht ewechhuelen? Firwat wëllt Der déi Fräiheet ewechhuelen? Firwat wëllt Der och en Atout ewechhuelen, dee mer an eisen Aen duerch de Fait hunn, datt eng Rei Leit eng grouss Experienz hunn, notamment um européesche Gebitt, an domat e grousse Respekt hunn an européesche Kreesser, deen een duerchaus kann ausspillen?

Ech soen elo, den Här Asselborn huet, duerch vill Respekt, deen en huet, déi zwee Joer, déi en elo am Conseil de Sécurité war, dat gutt kënne maachen. Hätt en dat net gehat, hätt hie sech vläicht a verschiddenen Dossiere net esou duerchsetze kënnen, wéi e sech elo konnt duerchsetzen. Ech wëll dat just soen.

No Ärer Rechnung hätt e scho laang missen dobausse sinn, hätt e scho guer net méi an der Regierung däerfe sinn! Firwat privéiere mer eis vun deem Avantage? Firwat?

(Interruption)

E Minister, dee Premierminister wëllt ginn...

(Interruption)

Här Bettel, Dir sidd elo net am Fall. Mä an engem klassesche Fall, fënnef Joer an der Regierung, kann e fënnef Joer Premier sinn, muss e goen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Duerfir maacht Dir elo Är Paus.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Fënnef Joer Minister kann e sinn, fënnef Joer Premier, da muss e goen. Ech fannen dat net normal. Ech fannen et schiedlech fir d'Land, well mer eis een Atout ewechhuelen, wann dat hei géif duerchkommen. An ech hoffen, datt mer déi Diskussioun och dobausse kënne seriö féieren, well ech weess, wéi op esou Froe relativ intuitiv vun de Leit geäntwert gëtt. A mir musse mat den Argumenter virgoen,...

Une voix.- Also schiedlech fir d'Land... Dat ass awer...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...fir déi Äntwerte respektiv fir déi Argumenter och eriwwerzebréngen.

Mir fannen déi do Fro onnéideg. Si ass och ouni Débat virdru gewiescht. Et ass just eng Fro, fir eng Fro ze stellen. A mer fannen, datt hei e populisteschen Débat déclenchéiert gett.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Voilà!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wat d'Ausländerwahlrecht ugeet, ass et sécherlech,...

Une voix.- Ooh!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...an ech hunn et virdru gesot, sécherlech eng referendaresch Fro. De Corps électoral gett geännert, an dat ass wichteg.

D'Fro, ob een awer déi do Fro an dësem Moment soll stellen, ob d'Opportunitéit vun dëser Fro, mat all deem, wat u schwieregen Diskussiounen op eis zoukënnt, elo ass, hu mer oft genuch gesot. Ech wëll dat net nach eng Kéier widderhuelen.

Richteg ass awer, datt 45% vun Netlëtzebuerger hei am Land e Besoin vun zousätzlecher Participatioun noutwendeg maachen. An déi Zilsetzung, soen ech ganz kloer, deele mir och als Partei. Dofir hu mer proposéiert, eng Solutioun fir déi hei Fro iwwert d'Nationalitéitegesetz ze fannen.

Mir deet et nach ëmmer leed, datt mer dofir net konnte gemeinsam eng gréisser Diskussioun mateneen organiséieren. Well et wär besser gewiescht, déi Diskussioun ze féieren op eng calme Aart a Weis, wéi elo se an e Referendum ze ginn, wou se duerchaus emol kann ausrutschen, wat dësem Land géif richteg schueden. An Dir hutt et selwer ënnerstrach.

Wann een dat awer elo mécht, da muss ech mech just froen, Dir schlot hei eng Solutioun vir, wou Der sot, et muss een zéng Joer am Land sinn an et muss een eng Kéier scho mat wiele gaange sinn. Da stellen ech mer d'Fro: Firwat déi do Konditiounen? Wou kommt Der un déi do Konditiounen? Wat bezwecken déi Konditiounen? Wat brénge se?

Mir sinn nämlech der Meenung, datt, wann Der wierklech d'Participatioun vun den Netlëtzebuerger wëllt an Dir stellt esou restriktiv Konditioune wéi déi do, da kritt Der net déi Äntwert - wann dat hei géif duerchgoen -, net déi Äntwert op déi Fro, déi Der gären hätt. Dir kritt net déi Participatioun an déi Zuele vu Participatioun, déi Der braucht.

Déi Propositioun, déi mir gemaach hunn iwwert d'Nationalitéitegesetz, wäert eis wesentlech méi Effikassitéit brénge, wesentlech méi Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien an déi duerno kënne mat wiele goen, aktiv a passiv mat wiele goen, wéi déi Propositioun, déi Dir maacht.

Ech mengen, datt d'Participatioun wesentlech méi duerch deen Text wäert ënnerstëtzt ginn, wéi duerch déi Propositioun, déi Der do maacht. An ech froe mech och: Firwat just déi hei Propositioun? Et wären 100 aner Solutioune méiglech gewiescht. A se ass och néierens justifiéiert, weder déi zéng Joer nach de Fait, datt een eng Kéier soll derbäi gewiescht sinn. Néierens justifiéiert!

Ech froe mech d'ailleurs, firwat net déi do Froestellung anescht ugaange ginn ass. Firwat kann een hei just mat Jo an Neen äntwerten? Firwat huet een net d'Fro gestallt vun der Participatioun, ob een déi wëllt iwwert d'Nationalitéitegesetz, iwwer zéng Joer an eng Kéier schonn derbäi oder iwwer fënnef Joer hei am Land? Et hätt ee jo och kënnen esou e Referendum organiséieren.

Et wär d'ailleurs net fir d'Éischt gewiescht, datt e Referendum mat enger Rei Alternativen organiséiert gi wär. De Referendum vun 1919 iwwert d'Dynastie war genau e Referendum mat véier Alternativen: éischtens, de Maintien vun der Grande-Duchesse Charlotte (veuillez lire: Marie-Adelheid), zweet Alternativ war de Maintien vun der Dynastie, mä mat enger anerer Grande-Duchesse. Déi drëtt Äntwert, dat war d'Opsetze vun enger anerer Dynastie. An déi véiert Äntwert war d'Republik. Et konnt ee bei véier Alternativen tëschent där enger an där anerer wielen.

Hätt ee wëlle wierklech d'Fro stellen, wéi d'Leit d'Participatioun brauchen, hätt ee jo duerchaus kënnen all d'Alternativen, déi eng an déi aner uginn an d'Leit richteg wiele loossen tëschent verschiddene Systemer, déi méiglech sinn, mat därselwechter Zilsetzung, déi mer jo deelen. Mä firwat just déi hei? Firwat d'Reduktioun vum Choix? Eng Äntwert, déi an eisen Aen net vill, wann net näischt brëngt! A mir mengen, datt et just gewiescht ass aus Angscht, well en hätt kënnen, dee Referendum, eventuell schiefgoen. Hei ass eng Chance, datt e vläicht mat Jo ausgeet.

Mä ech fannen et net uerdentlech, net korrekt, net seriö, wéi dat do gemaach gett. Et geet just drëm, den Nationalitéiteprinzip hei aus dem Text erauszehuelen. En éischte klenge Schrëtt ze maachen, deen näischt zur Participatioun bäidréit. A wann een de Prinzip eng Kéier dobaussen huet, da kann ee jo déi nächst Etappen an deenen nächste Jore maachen. An dat ass fir eis problematesch als Usaz.

13. Dépôt d'une proposition de loi par M. Claude Wiseler

Ech wëll och, fir ze ënnersträichen déi Wichtegkeet vun deem hei Sujet - a well mer eng Propositioun gemaach hunn -, och hei ganz offiziell dem Parlamentspresident eng Proposition de loi iwwerreechen. Här President, wann ech gelift.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Iwwert déi Propositioun, déi mer gemaach hunn, iwwert déi Propositioun, déi a sech d'Nationalitéitegesetz ëmännert, fir d'Residenzklausel vu siwen op fënnef Joer erofzeschrauwen, fir e groussen Deel Droit du sol anzeféieren, nom franséische System. Dat heescht auslännesch Leit, auslännesch Kanner, déi hei op d'Welt komm sinn, gi mat 18 Joer automatesch Lëtzebuerger, ouni iwwerhaapt eng Demande méi mussen ze maachen. Se sinn et einfach mat 18 Joer.

Iwwert de Fait, datt s de keng Condition de résidence méi brauchs ze hunn, wann s de mat engem Lëtzebuerger bestuet gëss, iwwer eng Facilitatioun vun eiser Kontroll am Sproochesystem an iwwert d'Dispens vun iwwerhaapt enger Sproochekontroll, wann s de 20 Joer hei am Land bass.

Ech wëll awer och soen, well ech wëll korrekt sinn, datt deen Text, dee mer elo agereecht hunn, zu engem groussen Deel den Text vum Projet de loi 6561 vum François Biltgen ass, dee mer nach eng Kéier agereecht hunn, mat deenen Ännerungen awer dran, déi ech elo gesot hunn, wou mer e gutt Stéck nach méi wäit ginn, wéi den Text vum François Biltgen sengerzäit gaangen ass.

6781 *- Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise.*

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Deen Der virun zwee Joer net wollt. Ech war bei de Verhandlungen derbäi.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech soen lech ganz kloer, datt d'Evolutioun vun den Diskussiounen natierlech ass, an Dir gesitt och d'Evolutioun vun där doter Fro an deene leschten 20 Joer, datt Schrëtt fir Schrëtt gemaach ginn ass. Dir wäert eis jo elo net reprochéieren, Här Bodry, deen Text hei ze déposéieren.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Neen, d'Welt dréit sech net ronderëm d'CSV.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech ginn lech domadder 100%eg recht, Här Bodry, d'Welt dréit sech net ronderëm d'CSV, wéi och net ronderëm aner Parteien.

Ech wëll awer e leschte Passage...

Une voix.- ...wat een am Parlament seet...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mä se si jo och richteg. Ech wëll vläicht just nach...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Wat ass elo déi richteg Iwwerzeegung vun der CSV, ech weess et net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! Här Wiseler, fuert Dir virun!

14. 6738 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum national sur différentes questions en relation avec l'élaboration d'une nouvelle Constitution (suite)

Discussion générale (suite)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech fuere ganz gär weider, Här President. Ech wëll nämlech nach eng lescht Fro hei opwerfen, e puer Wuert soen iwwert déi Fro, déi net méi am Referendum ass: d'Relatioun tëschent Kierch a Stat, wat fir eis och e wichtege Sujet ass. An d'CSV war och der Meenung, datt een op dësem Sujet misst bougéieren. Dir kënnt eise Wahlprogramm liesen, Dir hutt en d'ailleurs gelies.

Et ass e Sujet, dee komplex ass. Mir hunn ëmmer gesot, en ass vill ze vill komplex, fir eng einfach Fro am Referendum doriwwer ze stellen. Et stelle sech d'Froen iwwert d'Gehälter. D'ailleurs hutt Der se an där Konventioun, déi Der gemaach hutt, och wesentlech méi vast ugeschwat wéi an der Referendumsfro, déi gestallt gi war. Froen ëm d'Gehälter, ëm de Religionsunterrecht, ëm d'Kierchefabrécken, Froen awer och iwwert de Contrôle, deen de Stat iwwert d'Kierche soll oder net soll exercéieren. Eng komplex Fro an e wichtege Sujet!

Mä an där Fro, déi Der am Referendum gestallt hat, hutt Der awer just ee Sujet ugeschwat, an dat war dee vun de Ministres des cultes. Sot mir just, firwat Der, wann Der esou eng wichteg Fro wëllt ugoen, déi esou komplex ass wéi déi do, se just wëllt ugoen an engem Referendum an dann d'Fro iwwert déi sougenannte Paschtéieschgehälter frot, oder d'Gehälter vun de Ministres des cultes. Firwat just déi Fro? Firwat net déi aner Froen? Firwat net eng Fro stellen dee Moment scho vun Ufank un iwwert...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Well et eng Fro ass, déi haut an der Verfassung geregelt ass.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, aner Froe mussen och an der Verfassung geregelt ginn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Do ass et awer net aneschters...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- De Contrôle, deen de Stat huet iwwert déi eenzel Religionsgemeinschaften, ass och eng Verfassungsfro. Mir hunn d'ailleurs en Artikel 22 dofir ëmgeännert, fir déi Fro do an de Grëff ze kréien oder anescht ze formuléieren. Firwat hutt Der déi Fro dann net gestallt sengerzäit? Datt mer se elo eraushuelen, well se zu engem Deel beäntwert ass, fannen ech normal. Mä firwat just d'Fro stellen iwwert d'Paschtéieschgehälter?

An ech soen lech, well dat nu wierklech d'Aart a Weis war, fir de Problem unzegoen, well ee wëllt de Referendum einfach op seng Säit entscheet kréien, ouni déi richteg Froen ze stellen! D'Fro iwwert d'Paschtéieschgehälter an d'Gehälter vun de Ministres des cultes ass dach net déi richteg Fro, déi Der hei an där ganzer...

D'Fro iwwert d'Responsabilitéit vum Stat par rapport zu de Religionen: Wéi wäit ass de Stat responsabel, fir ze wëssen, wat do geschitt? Dat ass déi richteg Fro! Hätte mer déi gestallt, hätte mer eng ganz aner Diskussioun kritt. Eng ganz aner Diskussioun, eng richteg Diskussioun, eng wichteg Diskussioun kritt. Dat wollte mer awer net als Diskussioun. Do hätt ee kënnen de Referendum net gewannen, an dat wär jo net richteg gewiescht.

Mir hunn dat populistesch als Approche fonnt, well mer fonnt hunn, datt déi richteg Problemer net hei ugeschwat ginn an datt déi Froen nëmme gestallt gi sinn, an et ass lech och gelongen, fir Drock auszeüben. Déi Konventioun ass op Basis vun deem Drock ënnerschriwwe ginn, an d'Fro konnt du vum Dësch geholl ginn. Mä d'Intentioun nëmmen, fir Drock auszeüben, fannen ech a sech net korrekt.

Ech kommen zur Konklusioun. Dës Referendumsfroe si just, esou wéi se elo hei gestallt sinn a formuléiert ginn, aus parteipolitesche Grënn gestallt an an enger Froestellung, déi an eisen Aen net objektiv ass. Déi virgeschloen Alternative loosse sech an eisen Aen net seriö justifiéieren. A mir fannen, datt et hei e Mëssbrauch vum Instrument vum Referendum ass fir parteipolitesch Zwecker an datt et laanscht d'Leit geet. Dat Instrument vum Referendum ass eis extrem wichteg, mä esou ugewannt fanne mer et net seriö an et ass kee Courage, fir déi Froen ze stellen, déi a sech d'Leit interesséieren.

Ech soen awer och hannendrun, elo kréie mer eng Diskussioun, elo kréie mer eng Campagne an deenen nächste véier Méint. Ech ginn dovunner aus, datt dat Gesetz haut gestëmmt gett, egal wat ech soen, datt dat Gesetz haut gestëmmt gett, an da kréie mer déi Campagne. An ech soen och ganz kloer fir meng Partei, datt mer déi och probéieren, mat Argumenter ze maachen. Hei si mer jo an der Chamber.

Dobausse gi mer bei d'Leit an eis Versammlungen a mir wëllen och op déi Froen äntwerten. Mir wëllen och mat eisen Argumenter erklären, firwat mer esou an net anescht äntwerten, an dat seriö ugoen. Dat soen ech och kloer an däitlech hei. Ech soen och, dat ass jo just e konsultative Referendum.

Ech soen awer och hannendrun, datt natierlech d'Resultater vun deem Referendum, wéi se och ëmmer sinn, an eisen zukünftegen Iwwerleeungen nom Referendum, datt mer an eisen Iwwerleeungen deene Resultater wäerte Rechnung droen. Mä et muss een natierlech kucken, wat sech do ausdréckt, wéi et sech ausdréckt, wéi d'Diskussioun an der Campagne leeft, an haaptsächlech och, wéi d'Proportioune vun de Resultater sinn. Op jidde Fall gett dëse Referendum e wichtegt Element an eisen zukünftegen Iwwerleeungen nom Referendum.

An ech soen nach hannendrun, datt och dës Majoritéit eng grouss Responsabilitéit hëlt, wa se dat do mécht. Haaptsächlech duerno, wann deen nächste Referendum nom Artikel 114 vun der Constitutioun kënnt.

Mir waren ëmmer der Meenung, datt ee Constitutiounsännerunge sollt mat engem grousse gesellschaftleche Konsens maachen. Kommen elo hei Resultater, étriquéiert Resultater eraus, déi Der duerno wëllt an d'Constitutioun mat iwwerhuelen, d'Constitutioun, déi Der dann erëm wëllt an e Referendum stellen, an där kommen zwee oder dräi mat all deenen Onzefriddenheeten, déi schonn duerch aner Diskussiounen, zum Beispill déi Religionsdiskussioun zesummekommen, da stellt Der déi zéng Joer Aarbecht, déi awer gemaach gi sinn, an déi Nécessitéit an déi Wichtegkeet, déi eng nei Constitutioun vu Lëtzebuerg hätt, awer uerg a Gefor! Eng grouss Responsabilitéit, déi Der domat hutt. Ech wëll et just eng Kéier an aller Däitlechkeet hei gesot hunn.

An aus all deene Grënn wäert d'CSV zu dësem Text net kënne mat Jo äntwerten, mä mat Neen äntwerten.

Domat wär ech normalerweis fäerdeg. Ech wëll just nach eppes hannendrusetzen, eng technesch Fro, den Här Bodry huet se och schonn ugeschwat, well se gëschter opkomm ass an där Diskussioun, wéi dann elo ausgezielt gett an deem Referendum hei. An dem Här Bodry seng Explikatioune sinn och richteg.

Et ass just ee Punkt, also et ass elo e wéineg méi spontan hei, et ass just ee Punkt, deen ech net richteg verstinn, an dat ass deen, et ass jo méiglech, vu datt dräi Froen op engem Bulletin sinn, datt verschidde Leit op eng Fro äntwerten an op zwou Froen net. Dat ass méiglech. An da gett dee Bulletin fir déi eng Fro valabel erkläert, deeselwechte Bulletin fir déi aner Froen awer net valabel erkläert. Dat fannen ech awer juristesch e richtege Problem.

Dann hätt een et a priori besser mat dräi separate Bulletine gemaach. Sou wéi et elo gemaach gett, ass och a kengem Gesetz fixéiert en fin de compte, datt mer de Bulletin eng Kéier als valabel an eng Kéier als net valabel erklären. Ech hu mech awer gefrot, ob dat net wierklech e reelle juristesche Problem ass, wa mer do zu de Resultater kommen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Politik méi no um Bierger, d'Politik méi no mam Bierger ze gestalten, dat ass en Zil, dat sech d'Majoritéitsparteien op de Fändel geschriwwen hunn. An de Referendum vum 7. Juni ass e wichtege Schrëtt, fir dëst Zil ze erreechen.

Jo, de Referendum dëst Joer ass en historesche Moment, well mer nei Weeër gi bei der demokratescher Abannung vum Vollek bei wichtege Gesellschaftsfroen. Esou eng partizipativ Démarche vun der Chamber, am Endeffekt, ass et an deem Mooss an deene leschte Jorzéngten nach net ginn, well mir banne mat dem Referendum d'Biergerinnen an d'Bierger direkt an d'Aarbechte vun eisem wichtegste Gesetz, nämlech d'Aarbechte vun der Verfassung banne mer se domadder an.

Ech wëll nach eng Kéier och kuerz de Kontext vun den Aarbechten um Referendum hei skizzéieren. De Rapporteur huet dat scho gemaach. Mä et ass awer wichteg, fir nach eng Kéier de Kontext ze setzen. D'Chamber beschäftegt sech schonn zéng Joer oder méi, op alle Fall e Jorzéngt mat enger Neifaassung, mat enger Modernisiéierung vun deem wichtegsten Text an eisem Rechtssystem. An d'Koalitioun huet och an hiren Accord geschriwwen, datt se wëllt déi Verfassungsreform elo och an dëser Legislatur ofschléissen, datt mer endlech d'Aarbechte kënne fäerdeg maachen.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren - ech mengen, hei ass dat vläicht an dësem Haus iwwerflësseg, mä ech maachen et awer nach eng Kéier -, ech wëll rappeléieren, datt d'Verfassung dat wichtegst, dat iewescht Gesetz ass. Et regelt d'Organisatioun vum Stat, et garantéiert eis Grondrechter an et setzt och de legale Kader, deen dann all Gesetz an all Reglement och muss respektéieren.

An, Här President, mir wëssen et alleguerten, et ass e Fait, scho bal eng Banalitéit, fir et ze soen, mä eis Gesellschaft, eng Natioun, e Stat, deen evoluéiert, verännert sech. An duerfir huet dës